

Fir eng Reduktioun vun den Emissiounen ze erreechen, déi den Treibhauseffekt fördern, muss d'Notzung vun alternativen Energiequellen och an de privaten Haushalter an an der Industrie ugereegt gin.

Dës Energiequelle sin an éischer Linn d'Kogeneratioun, d'Wandkraaft, d'Pompe à chaleur, d'Sonnenenergie, d'Biomass an dee Biogas. De Règlement ministériel vum 6. Dezember 1994 huet d'Aidé fir d'Notzung vun neien Energiequellen därelech croupesat. Dës Politik muss fortgesat gin.

Duerch optimal thermesch Isolatioun an de Gebaier muss den Energieverbrauch op e Minimum reduzéiert gin, an dat bei Neubauten a Renovatiounsarbechten. Do sief un d'Gesetz vum 5. August 1993 iwwer d'rationell Notzung vun der Energie an de Règlement grand-ducal vum 22. November 1995 iwwer d'thermesch Isolatioun vun de Gebaier erënnert.

Dir Dammen an Dir Hären. D'Energiepolitik verlaangt e grouss Gefill fir Equilibre: den Equilibre tëschent der Bereetsstellung vun där Energie, déi néideg as fir d'Fonctionnéiere vun enger moderner Gesellschaft an engem modernen Industriestat, engersäits, an dem schounenden Emgang mat der Umwelt, engem gréisstméigleche Verhënnere vun enger weiderer Belaaschtung, anersäits. Et as e Balanceakt um Drotseel ouni Netz. Wien zevill zu där enger oder zu där anerer Säit hänkt, dee riskéiert erfroze fallen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**— D'Madame Wagener huet d'Wuert gefrot, fir eng Proposition de loi ze déposieren.

### 3. Dépôt d'une proposition de loi

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**— Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech hun d'Wuert gefrot, fir effektiv folgend Proposition de loi ze deposieren:

*- Proposition de loi 4162 sur la réforme du mariage.*

Ech géif Iech, Här President, och bieden, conformément zum Artikel 59 déi Proposition de loi op den Ordre du jour vun enger nächster Sitzung ze setzen, fir kënnen hiren Objet ze motivéieren.

**M. le Président.**— Den nächste Riedner as den Här Nico Loes.

### 4. Débat sur l'état de la Nation (suite)

**M. Nico Loes (CSV).**— Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Am Kontext vun den allgemengen Debatten iwwer d'Lag vun der Natioun, wëll ech op dëser Plaz zur Landwirtschaft schwätzen an e puer Iwwerlegungen ustellen, déi sech a méngen Aë quasi opdrängen.

Datt dës Iwwerleunge schon zum Deel bei de leschte Budgetsdebatten gemaacht goufen an och zënter dem Débat d'orientation iwwer déi mëttel- a laangfristeg Evolutioun vun der Landwirtschaft am Februar 1992 bekannt sin, heescht awer net, datt si eppes vun hirer Brisanz oder Richtegkeet verluer hun, mä grad am Géigendeel.

Ech riskéieren deemno Gesotes ze widderhuelen, mä d'Landwirtschaft, de Wäibau an de Gaardebau sin en äusserst kriddelegt a wichtegt Gebitt. Et as alles esou aktuell an eminent wichtig, an den Handlungsbedarf as esou akut, datt et zwingend as, munches ervirzesträichen.

Mir stellen an der Landwirtschaft, am Wäibau an am Gaardebau eng kontinuëierlech Verschlechterung vun der ekonomescher a sozialer Situatioun fest, obschon d'Akommes am Beräich vun der Landwirtschaft géintwuer vun 1994

geklommen as. De Präisverfall op den nationalen an internationale Marchéen as ee strukturellen a kee konjunkturelle Phenomeen. Wann et esou virugeet, kann een engem Jonken et net veriwuelen, datt hien dem landwirtschaftleche Secteur de Réck kéiert, an da gët et ëmmer méi Betriber, déi keen Nofolger méi hun. Mir riskéiere würrlech an eng dramatesch Situatioun ze kommen.

Et as an dene leschte Méint och Positives an der Landwirtschaftspolitik geschitt:

— Dat neit Mëllechquotereglement gët dem Mëllechsektor nei Strukturierungsméiglechketen. D'Mëllechquot huet de Charakter vun engem Spekulationsobjekt verluer a gët erëm e Produktionsrecht an den Hänn vun den aktive Mëllechbaueren.

— Am Moment gët um Reglement fir d'Afëiere vun der Landschaftsfléigeprem geschafft. Dës Prim gët de Baueren erëm e gewësse «ballon d'oxygène» an hirem Akommes.

— D'Aarbechte fir d'Schafung vu Gaardebauzone si voll amgaangen, an d'Regierung wëll d'Entwécklung vun engem produktive Gaardebau staark ënnerstëtzen.

— D'Installatioun vun neie Betriibsleder gët och staark ënnerstëtzt.

All dës Moossnamen, déi vun der Regierung geholl goufen an nach geholl gin — an ech froen hei de Landwirtschaftsminister, wéi et mam 2078 steet, a wéini hie gedenkt dëst Reglement ëmzesetzen — all déi beachtlech Zomme vu Budgetsmëttelen, déi an d'Landwirtschaft, de Wäin- a Gaardebau gefloss sin, hun et awer net faerdegbruecht, nohaltig Perspektive fir dës Secteuren ze schafen, trotz ganz erachtelechen Akommesreserven a grousser Potentialitéit vun eiser Lëtzebuerger Landwirtschaft.

Bei Geleënheet vun der landwirtschaftlecher Orientéierungsdebat huet mäi Kolleg a Fraktiounspresident Lucien Weiler gesot: «An der Landwirtschaft gouf an dene Joren a Jorzéngte gepléischtert a gedoktert, an de Patient as méi krank a méi schwach gin.» Dës leider elo nach ganz aktuell Ausso zwéngt eis zum innovativen Handeln.

Mir müssen eis elo an allem Bescht d'Frö stellen, ob den Instrumentarium vun eisem jëtzege Agrargesetz, esou gutt an noutwendeg et an der Vergaangenheet war an och nach as, an Zukunft nach duergeet, fir eng flächendeckend produktiv Landwirtschaft hei am Land ze erhalen an d'Potentialitéit vu Landwirtschaft, Wäibau a Gaardebau zum Droën ze bréngen.

De Spillraum vun eiser Lëtzebuerger Agrarpolitik am Respekt mat de Bestëmmunge vun der EU-Agrarpolitik schéngt mir nach ganz beachtlech ze sin. Mir müsse méi an déi Domänen investéieren, déi eise Baueren, Wénzer a Gäärtner et erlaben, selwer hiirt Akommes ze verbessern. Da brauche mir no an no manner nei Akommesdefizitter iwwer Budgetsmëttelen ze kompenséieren.

Ech explizéiere mech: eis Lëtzebuerger Landwirtschaft leit vis-à-vis vum Ausland u wichtige strukturellen Defizitter, déi eis an eng «grave situation de faiblesse» versetzen. Dës strukturell Defizitter huet d'Landwirtschaftskammer an hirem Avis zum Budget vum leschte Jor resüméiert als een hei am Land géintwuer dem Ausland staark ënnerentwéckelte Kompetenzkader. Enner Kompetenzkader versti si all déi Strukturen, an dene sech de Kompetenztransfer an der Landwirtschaft mécht.

Deen dynamesche Kompetenztransfer war ni méi wichtig wéi elo. Haut sin d'Produktionstechniken esou villsäiteg,

d'Betriibsféierung esou komplex, de Maart esou oniwwersiichtlech, d'Ufuerderunge vun der Gesellschaft esou zwingend, datt nëmmen een héich professionellen, dynameschen, pedagogeschen a wëssenschaftleche Kader vu Kompetenztransfer dem Betriibschef vu senger beruflecher Eischtausbildung un, a stänneger Begleitung eng effikass Hëllefstellung ka gin.

D'Expäre sin der Menung, datt dat fachlecht Kënnen an d'Dichtegkeet vum Betriibschef den A an den O vum Erfolleg, also vum Betriibsakommes sin. D'Kontabilitéitsresultater weisen dat och ganz däitlech. Et gët regelméisseg festgestallt, datt a kengem Wirtschaftszweig d'Akommesverbesserungen esou direkt un d'Bildungs-, Ausbildungs- a Weiterbildungsmoosname gekoppelt sin.

An da muss ee wëssen, datt Qualitéitsproduktiounen an ee verbraucherorientéiert Handeln nët ouni eng fundéiert Aus- a Weiterbildung an eng bedarfsgerecht ugewannt Forschung ka méiglech sin.

Dëse Kompetenzkader gouf an enger Motioun, déi ech de 14. Dezember 1995 bei de Budgetsdebatten deposéiert hun, an déi eestëmmege ugeholl gouf, definéiert. D'Regierung as opgefuerdert gin, fir aktiv ze gin. Jidferree weess awer, datt dat nët vun haut op muer ka geschéien.

Et gët sécherlech och elo scho Moosnamen um Gebitt vun der Aus- a Weiterbildung, déi ouni Zweifel an eng mëttel- a souguer laangfristeg Entwécklung géingen erapassen.

Bei Geleënheet vun enger Visite vun der Agrarkommissioun am Lycée technique agricole konnte mir feststellen, datt do trotz de beschränkte Méiglechketen, déi dës Schoul huet, eng ausgezechent Aarbecht geleescht gët. Duerch de speziellen Engagement vum Direkter mat senger Professere konnte scho beachtlech Resultater erreecht gin. Trotzdem musse mir kucken, fir dem Lycée technique agricole onbedingt d'Méiglechketen ze gin, fir déi Entwécklungsroll ze spillen, déi eng modern an dynamesch Landwirtschaft brauch.

Et muss ee sech d'Fro stellen, ob mir nët amgaange sin, duerch en nët resolut Handeln op dësem Gebitt, d'Entwécklungschancé vu Landwirtschaft, Wäibau a Gaardebau ze verschwenden, an de Fortbestand vun dëse Secteuren a Gefor ze bréngen.

Un engem Betrib hänken am vir- an am nogelagerte Beräich 2 bis 3 Aarbechtsplazen. D'Betriiber stäerken, hiirt Akommes verbessern, fir datt si bestoë bleiwe kënnen, as also gläichzäitig eng aktiv Beschäftigungspolitik.

De Lycée technique agricole huet – a mir konnten eis op der Plaz dovunner iwwerzeugen – akut Raumnot a Personalmangel am wëssenschaftlechen, administrativen an technesche Beräich. Et felen noutwendeg an onerlässlech Equipementer, fir een Deel vun de Programmer ze maachen.

As et nët äusserst bedenklech, wa mir op dësem Gebitt spueren, doduerch Akommeschancé broochleie loosse, an dann ee Multiple vu Budgetsmëttelen abréngen, déi hei gebraucht géifen, fir entscheidend Verbesserungen ze bewirken, fir dann déi noutwendeg Akommesdefizitter auszegläichen?

Mir mussen onbedingt a prioritär de Spezifizitéite vum Enseignement agricole a senger multiple Fonktioun Rechnung droen, fir datt dësen Enseignement seng Roll vun engem dynamesche Kompetenzkader kann erfëllen, an esou d'Wirtschaftskraaft an d'moralescht Selbstverständnis vun dëse Secteuren ka verstärken.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. De Strukturwandel an der Landwirtschaft as an dene leschten 10 Jor permanent vir sech gaangen. D'Spezialiséierung an de Betriiber as nët nëmmen an der Mëllechvéihaltung, mä och an der Fleeschvéihaltung weidergefëiert gin.

All dene Betriiber, déi sech op d'Maascht vu Ranner spezialiséiert hun, as de Véibestand ëm 15% an d'Luucht gaangen. Dat selwecht as bei der Schwängszucht de Fall, obschon d'Zuel vun de Betriiber zrëckgaangen as.

30% vun de Betriiber hun niewent der Landwirtschaft nach aner Betriibszweiger, wéi Ferienwohnungen, Brennereien, Forstwirtschaft an esou weider.

Wat d'Nofolleg an de Betriiber ubelaangt, sou as si an de Bauerebetriiber zu 31% an an de Wënzerbetriiber zu 14% ofgeséchert.

Wat d'Zuel vun de Betriiber ubelaangt, sou kann een dermat rechnen, datt se bis an d'Jor 2020 ëm d'Halschent zrëckgeet, dat heescht, vun 2.550 Betriiber am Jor 1995 hu mer der nach 1.400 am Jor 2020.

Et sin dës Donnéeën aus enger Emfro zur Situatioun an zu de Perspektive vun de landwirtschaftleche Betriiber hei zu Lëtzebuerg. Si gin ze denken.

Moosnamen mussen esou séier wéi méiglech geholl gin, dat heescht:

- Verbesserung vun de Vermaartungsstrukturen,
- Förderung vun der Produktioun vu Qualitéitsprodukter,
- Reduzéierung vun de betriibleche Festkäschten,
- Marketing fir landwirtschaftlech a wäibaulech Produkter,
- Ausbildung vun de Baueren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. D'Zäit drängt. Eng Planz muss Waasser kréien, wa si Waasser brauch. Wann d'Planz verdréicht as, dingt all Netzen näischt méi, egal mat wellechem Opwand.

An de Konklusiounen vun engem Workshop 1992 vun der OECD iwwer d'Zukunftsperspektive vun der Landwirtschaft, gouf sënngeméis gesot, datt de Bauer an der Landwirtschaft vu muer zu engem «high-tech»-Manager muss gin.

D'Strategie vun der Verbesserung vun der Zukunftsosécherung leien no der OECD an enger entwéckelter Ausbildung, an der Zesummenaarbecht tëschent Ausbildung a Weiterbildung, Forschung a Berodung, an am liewegen Informationsaustausch tëschent allen Acteuren op dëse Gebitter.

Ech wënschen an ech erwaarde fir all Interesséiert, datt mir méiglechst geschwënn zu engem effikassen Handele kommen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.** – La parole est à l'honorable M. René Kollwelter.

**M. René Kollwelter (LSAP).** – Här President, Dir Dammen an Dir Hären. – Den alljärelechen Débat iwwer d'Lag vun der Natioun as fir d'Regierung d'Geleënheet, fir der Châmber an der Öffentlechkeet hir Analys an hiren Aktivitéitsprogramm fir déi nächst Zukunft duerzeleën.

Un der Châmber, ob Majoritéitsvertreieder oder Oppositionsdeputéierten, as et, déi Deklaratioun wa méiglech ouni Préjugé ze analyséieren an op hir positiv an negativ Aspekter ofzeklappen.

Als Majoritéitsdeputéierten huet een e puer Méiglechketen, esou en Débat ze abordéieren.

Entweder, et fillt een sech als Godillot vun der Regierung, oder als inkonditionnelle Supporter. Dës Roll iwwerloossen ech ganz gär anere Kollegen aus der Majoritéit, déi jo scho bewisen hun, datt se heiranner de Prix d'excellence ënner Ernstänn géife kréien.

Oder awer, et hält een et – an esou gesinn ech et éischter perséinlech – mam Beaumarchais sénger Maxim, déi ech nach virun e puer Deg an engem Film «Beaumarchais, l'Enchanteur» an Erënnerung geruff krut, déi nämlech seet: «Sans la liberté de blâmer, il n'y a pas d'éloge flatteur».

Iwwregens huet de Staatsminister a sénger Deklaratioun méi eng kritesch Attitüd an Analys regelrecht erbäigewünscht, respektiv erbäigieret. Ech weess allerdéngs aus rezenter Erfahrung, Här President, datt hien zwar heiansdo domadder Problemer huet, wann et ufänkt konkret ze gin. Dat as allerdéngs mënschlech a verständlech, well, Här President, wat huet e Mënsch a virun allem och e Politiker léiwer wéi en «éloge flatteur»?

Wéi mer dat bei eise Premier gewinnt sin, zeechent d'Regierungserklärung sech vun deem Jor aus duerch eng säfteg a faarweg Sprooch. Dat as erfrëschend an engem Exercice, dee sech normalerweis auszeechent duerch séng «langue de bois».

Iwwerhaupt sin d'Sprooch, d'Rhetorik an d'Duerstellung vun der Politik déi Aspekter, déi eisen neie Premier, deem zwar schon en alen Hues an der Politik as, am meeschten auszeechnen.

Wat d'Inhalter vun der Politik ugeet, war et scho virum 1. Februar vum leschte Jor klor, dass och hien nëmme géif mat Waasser kachen, och wann d'Dëppen, an dene gekacht gët, vläicht méi blénke wéi virun, an och wann d'Flam, op där gekacht gët, heiansdo méi staark opgedréit gët.

Fir an deem Jargon ze bleiwen, géif ech soen, datt d'Menüskaart zwar en neien Design krut huet, de Menü selwer awer nët geännert huet.

Mä trotzdem, Här President, och wann engersäits gesot gët, «le style fait l'homme» wësse mer alleguer, dass anerersäits an der Politik de Stil och schon en Deel vun der Politik as.

Wat den Inhalt vun der Regierungspolitik ubelaangt, gesinn ech et nët als Reproche un, datt de Premier nët zu all spezifeschem Domän vun der Politik Stellung geholl huet, egal ob en dat hei oder do bewusst oder onbewusst gemaacht huet.

Et as jo d'Roll vum Parlament iwwer de Wee vun deem Débat parlementaire, fir nozefroen, fir ze hannerfroen.

Däerf ech drun erënneren, datt genau op deem Punkt d'Roll vum Parlament vläicht méi verstärkt ënnerstrach muss gin. Niewent eiser Roll als Législateur hu mer och eng wichteg Kontrollfonktioun vun der Exekutiv an desweideren déi verdammte Pflicht, och selwer Propositione virzedroen, fir datt eist Land, e Produkt vum Zoufall vun der Geschicht, an e Produkt vun dene Generatiounen, déi virun ons do waren, sech an Zukunft duerch eng Politik auszeechent, déi d'Interesse an de Wuelstand vun dene Leit, déi hei wunnen a schaffen, virun allem am A huet.

Grad aus deem Grond sin ech perséinlech frou, datt eise Staatsminister gläich aganks vu sénger Ried op d'Wichtigkeet vun der europäescher Wirtschafts- a Währungsunioun higewisen huet.

Grad eist Land, dat ouni europäesch Integratioun méi aarm, méi isoléiert, méi ofhängeg, méi fragiliséiert wär, ka global

nëmmen dovunner profitéiere wann d'Wirtschafts- a Währungsunioun agefouert gët, och wann dat vläicht fir deen oder anere Wirtschaftszweig mat kuurzfristige Problemer wäerd verbonne sin; ech denken hei natierlech virun allem un d'Finanzplaz.

Mä wéi esou oft bei grondlegende Reformen – an d'Wirtschafts- a Währungsunioun as eng – bedeit dat och en Défi fir jidderen, dee sech dëser Aufgab muss stellen an deementspreechend organiséieren; dat gëlt natierlech och fir eis Finanzplaz.

De Finanzsektor, op deem séng national Aspekter ech nach e bësse méi spët ze schwätze kommen, as natierlech direkt konzernéiert, fir déi europäesch Erausforderungen an Harmoniséierungsbestriewungen a Saache Steuerpolitik och offensiv unzegoen.

An där Fro sti mer zwar, europäesch gesinn, relativ isoléiert, mä ech hun awer d'Impressioun, Här President, wéi wann eisen Argumentaire gutt wir, fir kuurz- a mëttelfristeg dat Schlämmst op eiser Finanzplaz kënnen ze verhënnere.

Déi Strategie, déi d'Regierung definéiert huet, – Gesamtiwwerleung iwwer d'Harmoniséierung vun alle Steieren – steet op feste Féiss. Wann et jhust ëm d'Stäarkt vun den Argumenter an ëm d'Globalinteressen, esouguer vun Europa, geet, as et mer nët Angscht.

D'Proposition, fir och an deem Kontext déi sozial Harmoniséierung an d'Debatt ze bréngen, fannen ech souwuel politesch clever, wéi och politesch richtig.

Et as ausseruerdentlech wichteg, dass an deem Kontext eis Regierung aus engem Mond schwätzt. Mä nët nëmme si, ech mengen och eis gewielte Verrieder, esouwuel um nationalen, wéi och um internationale Plang, sollen dësen Argumentaire iwwerhuelen an och weiderdroen.

Et as och ausseruerdentlech wichteg, dass den europäeschen Integrationsgedanke permanent, an nët nëmmen haut um Europadag, an iwwerall ënnerstrach gët an ëmmer erëm drop higewise gët, datt Lëtzebuerg säi Wuelstand virun allem Europa ze verdanken huet, an dass all Deelaspekter vun där Europapolitik, wéi zum Beispill d'Wirtschafts- a Währungsunioun, kee Selbstzweck sin, mä zousätzlech Mëttel fir Europa, an domadder fir Lëtzebuerg, méi staark ze maachen an d'Liewensqualitéit op där Insel ze garantéieren an de Wuelstand duerch dee sougenannten europäesche Gesellschaftsmodell, deem eemoleg an der ganzer Welt as, auszubauen an och ëmzebauen, mä nët ofzebauen.

Fir dat an der Welt vun haut ze maachen, si mir als Lëtzebuerg vill ze kleng, an et gesäit een och, datt Europa, insgesamt gesinn, nach nët staark genuch as, fir déi Roll ze iwwerhuelen.

D'Hauptinteresse vun der Regierungserklärung vun deem Jor, Här President, läit ouni Zweifel an dene steierpolitesche Propositionen, déi de Premier gemaacht huet. Mir wäerten nach Geleënheet kréien, am Detail op dës Propositionen zréckzekommen an hei ze diskutéieren.

Ech wëll awer gläich haut an hei e puer prinzipiell Iwwerleunge maachen, fir dësen Débat ze stimuléieren.

Ech sin der Meinung, dass eng Regierung, déi sech aus denen zwou Parteien, CSV an LSAP, zesummesetzt, d'Pflicht huet, fir ausgewogen a gerecht Propositionen am Steuerberäich op den Dësch ze leën.

Bekanntlech as et virun allem iwwer de Wee vun de Steieren, wou d'Emverdelung vum wirtschaftleche Räichtum garantéiert

gët. Bekanntlech as et och, mä nët nëmmen, iwwer de Wee vun de Steieren, wou de wirtschaftleche Standuert Lëtzebuerg definéiert gët.

Ech sin also der Meinung, dass d'Regierung richteg läit, wa se sech Gedanken mécht iwwer de wirtschaftleche Standuert Lëtzebuerg, an ënner Emstänn kompetitivstärkend Moosname proposéiert.

Ech sin awer och der Meinung, dass mer hei zu Lëtzebuerg, an der Struktur vun eiser Steuerlandschaft, mussen virun allem folgend dräi Aspekter permanent am A behalen:

- 1) D'Verhältnis tëschent den direkten an den indirekte Steieren;
- 2) d'Part contributive vun der Wirtschaft engersäits, an anerersäits vun de Privatpersounen;
- 3) d'Steiergerechtegkeet, déi sougenannt «justice contributive», muss och assuréiert gin.

Jiddereen – an do wëll ech kuurz drop agoen – muss och wierklech déi Steiere bezuelen, déi d'Gesetz virschreift, an et däerf nët plazeweis zu enger Form vun «auto-imposition volontaire ou forfaitaire» kommen, well d'Regierung sech nët d'Mëttele gët, oder nët wëllt gin, fir och déi Steieren anzezeien, déi d'Contribuables schëlleg sin. Ech mengen hei natierlech virun allem d'Wirtschaft an nët d'Privatpersounen, déi an deem Spill bekanntlech déi méi schlecht Kaarten hun.

Mat dene Propositionen, Här President, déi eise Premier op den Dësch geluegt huet, hun ech haaptsächlech Bedenken am Zesummenhang mat denen eben erwähnte Punkten 2) an 3).

Ech wëll emol nët weider op dat Bild agoen, dat d'Regierung gin huet, wéi se zimlech schnell op d'Revendikatioun vun de Finanzhaie vun der Finanzplaz Lëtzebuerg geäntwert huet. Fir vu Chantage ze schwätzen, as vläicht e bësse staarken Tubak, mä wäit, hat ech mat Momenter d'Impressioun, ware mer nët méi dovun ewech.

Am Zesummenhang mat der Aféierung vum Droit de vote communal fir eis auslännesch Matbiirger, hat ech vun dëser Plaz aus scho verschidentlech drop higewisen, dass dee reelle Pouvoir zu engem gudden Deel bei de Wirtschaftskreesser läit, an deem Fall zu engem gréissten Deel beim auslännesche Kapital, dat zu Lëtzebuerg jo virherrschend as, a grouss Gefören, hun ech dee Moment gesot an där Diskussioun, vu Perte de souveraineté nët géife beim Droit de vote fir déi auslännesch Matbiirger bestoen, mä vläicht an aneren Domänen, wou d'Perte de souveraineté oder iwwerhaupt de Pouvoir politique direkt ugesprach as.

D'Bild, wat d'Regierung ofgët, fir engersäits dem Standuert Lëtzebuerg Steuerreduktiounen zougestoen, de Privathaushalter gläichzäiteg och Steuerreduktiounen ze versprechen, an awer direkt schon eng Tax anzeféieren, fir de Programm vun de Kläranlagen ze finanzéieren, gefällt mer nët ganz esou richteg, Här President, well mir sollen eis ëmmer bewosst sin, dass d'Duerstelle vun der Politik sécherlech ee Problem as, mä d'Perceptioun vun eise Matbiirger dobaussen, déi eng ganz Rei Nuancen a Problemer, esou wéi mir se hei diskutéieren, oft nët matkréien, as eng ganz aner.

Iwwregens, Här President, de Premier huet a senger Ried zum Problem vun de sougenannten Ökotaxen drun erënnert, dass d'Regierung sech mat alle Virschléi, déi géifen op den Dësch kommen, géing ausernesetzen a gläichzäiteg bedauert, dass keng komm sin. Deem as allerdéngs nët ganz esou, well nët méi spët wéi de 14. November vum leschte Jor hat ech mer erlaabt,

dem Premier e Brëif ze schécken, fir ëm justement eng Rei Propositionen matzedelen, op déi ech allerdéngs bis haut nach keng Äntwert kritt hun, esou dass zumindest mat där Ausso op deem präzise Punkt ech nët ka mat ëm d'accord sin. Ech iwwerreechen Iech och de Brëif, Här President, fir dass mer e kënne verdelen, respektiv am Bulletin publizéieren. (*Lettre à consulter au Greffe de la Chambre des Députés*)

Ech sin och mat deem Bild nët d'accord, dass d'Regierung ofgët iwwer d'Kompetenzverdeling am Zesummenhang mat dene steierpolitesche Froen, déi hei um Dësch leien, Här President. Hun ech dat elo richteg verstanen, wann ech d'Impressioun hun, dass de Finanzminister zoustänneg as fir d'Steierreduktiounen, och am Umweltberäich, wou eng ganz Rei interessant Propositionen an deem Paquet dra sin, déi ech begréissen an och schon hei op dëser Tribün öfters gefuerdert hun, an den Umweltminister éischer schéngt zoustänneg ze si fir d'Steiererhéijungen am Kader vun der Aféierung vun der falschgenannter Ökotax um Waasser?

Ech géif mer erlaben, Här President, an deem Zesummenhang eng ganz schaarf Kritik u méngem Kolleg Umweltminister ze maachen. Ech bedauern, dass hien et nët fäerdegréngt, déi emweltpolitesch Steuerreduktiounen, déi am Steuerpaket dra sin, selwer besser duerzestellen. Wann hien am Umweltberäich weider nëmme wëllt d'Roll vum Housécker spillen, an dem Kleeschen – an deem Fall dem Finanzminister – d'Iwwerreeche vun de fiskalpolitesche Reduktiounen iwwerlloosen, déi zum gréissten Deel am Umweltministère selwer gebuer sin, as dat nët nëmmen dem Umweltminister säi Problem. Et as och e Problem vun der Duerstellung vun der Emweltpolitik, déi sech nët nëmme soll beschränken op Veruerdnungen, Reglementer an Normen, mä am Sënn vun enger vernetzter Emweltpolitik hu mer jo schon öfters gefuerdert, dass och aner Beräicher, wéi zum Beispill de Steuerberäich, hei direkt konzernéiert sin.

Dofir hätt ech mer gewënscht, dass den Umweltminister an dëser Fro, déi Propositionen, déi ën op den Dësch geluegt huet, der Öffentlechkeet och wierklech als Umweltminister duergeluegt hätt.

Ech weess allerdéngs, dass et virun allem am Umweltberäich vill Leit gin, déi nëmme wëllen d'Korinten am Kuch iessen. Déi ganz Diskussioun um parteipolitesche Plang, och iwwer Haebicht, beweist dat zur Genüge.

Ech wëll jhust drop hiweisen, dass dëst Thema vill zevill eescht as, fir dass héichkaräteg Politiker versiche sech permanent aus der Verantwortung ze stiel. Och wa vläicht nach ëmmer nët gewosst as wivill Tonne solle genau do deponéiert gin, an ob esou e Betrib ka rentabel schaffen – muss ën dat eigentlech iwwerhaupt? – komme mer nët derlaanscht, déi prinzipiell Fro vun enger Industriemülldeponie ëmmer erëm positiv ze beantweren. Och hei si Standuertfroë mat am Spill, wéi zum Beispill déi vum Industriestanduert Lëtzebuerg, – mä Fraktiounspräsident huet dat schon ënnerstrach – wou och nach op aner Aspekter muss higewise gin.

A senger Avis zu deem Débat huet de Comité économique et social zu deem Thema iwwregens déi selwecht Meinung bekannt gin.

Nach e puer Wuert zu der Reform vun der Kommodoprozedur, iwwer déi mer an denen nächste Méint nach wäerten ze schwätze kréien. Ech wëll jhust an Erënnerung ruffen, dass dëst wichtegt Umweltgesetz eis Mëttel gët fir preventiv am Umweltberäich ze schaffen. Dofir as et gutt a wichteg, an och oft méi bëlleg, global gesinn, wa mer e strengt

Gesetz hun. Dann hu mer duerno ënner Emstränn manner Problemer mat verschiddenen Impakter vun deem engen oder anere Betrib op d'Emwelt.

Och an deem Dossier gët et sech vu verschiddene Säite vläicht ze liicht gemaacht an einfach mam Fanger op ee «bouc émissaire» gewisen, waarscheinlech virun allem, fir ege Feler ze verstoppén.

Am Secteur vum Audiovisuel as vill Bewegung a villes bleift nach a Bewegung.

Dee spektakulären, a vu verschiddene Kreesser vläicht als iwerstierzte Redressement vun der CLT am Kontext mat der Allianz mat Bertelsmann brénge sécherlech eng nei Donne an d'Spill, déi de Moment schwéier as, an hirer ganzer Portée kënne richtig ageschat ze gin.

D'Gefor vun der däitscher Dominanz an der CLT gët vun denen engen an de Raum gestallt. Anerer äntweren, datt dës d'Konsekratioun vum europäesche Charakter vun der CLT wir.

Sécher as jiddefalls, dass d'Importenz vun der CLT als Employeur an als Steierzueler hei zu Lëtzebuerg nët nëmme stagnéiert um Niveau vum Emploi, mä um Niveau vum Contribuable weider ganz staark zrëckgeet.

Ob een d'Entwécklung vun der CLT als Regierung anescht hätt missen oder kënne steieren as eng schwéier Fro, op déi et keng liicht Äntwert gët. Sécher as jiddefalls, datt déi versprache Kompensatiounen fir de Site Lëtzebuerg nët komm sin, an dass all déi, déi an dene leschte Joren hei dervir gewarnt hun, dass de Site Lëtzebuerg vun der CLT amgaange wir ofgebaut ze gin, nodreeglech musse Recht kréien, well et gesäit ee ganz klor, datt d'CLT sech lues a lues als einfach Holding entwéckelt, déi nach jhust eng Rei Participatiounen hei zu Lëtzebuerg an Zukunft wëllt géréieren.

Souwuel bei der CLT wéi och bei der SES, op déi ech nach ze schwärze kommen, muss d'Regierung an nächster Zäit immens oppassen, fir mat Zäit ze reagéieren, sief et fir d'Adjustementen vun denen zwou Boiten ze ënnerstëtzen oder ze begleden, oder sief et, fir eis national Interessen an denen zwou Gruppen ze verteidegen, ënner anerem och vis-à-vis vun den auslänneschen Aktionären.

Hei geet et drëm opzepassen, dass d'Gesellschaft an Zukunft kann onofhängeg bleiwe vis-à-vis vu sänge potentielle Fournisseure wéi och vis-à-vis vu sänge Clienten, well et soss d'Gefor vun engem eventuellen Interesseskonflikt am Aktionariat oder an hiren eegenen Organer reell kënnt gin.

Eng weider Fro an deem Zesammenhang as sécher dee monolithesche Charakter vun der SES. Hei drängt sech sécherlech d'Diskussioun iwwer d'Activités de diversification vun dëser Gesellschaft op.

Ech wëll an deem Kontext drop hiweisen, dass sech souwuel d'CLT wéi d'SES, niewent der Post an anere wichtigen Acteuren, déi elo schon an der Informationsgesellschaft dra sin, mussen deementspreechend organiséieren. Dësen Débat kréie mer jo an allernächster Zäit an deem Haus.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Am Telegrammstil wëll ech nach kuurz zu enger Rei méi punktueller Problemer Stellung huelen:

– Ech si frou, datt d'Erzéiungsministerin endlech decidéiert huet, deen iwwerflësseggen Aufnahmeexamen ofzeschaffen. Ech erwaarde mer awer och vun hir, dass si méi däitlech hir Prioritéiten an deem Beräich an den nächste Wochen artikuliert. Ech wënsche mer iwwregens, dass déi Reformära,

déi vun deem viregten Unterrichtsminister, dem Här Fischbach, ageleet gi war, an deem nämlechte Rhythmus weidergefuert gët, an dass mer nët erëm a fréier «train-train»ën zrëckfalen.

– Et schéngt sech och e Konsensus am Domän vun de Classes moyennes erauszueschelen, fir den Droit d'établissement an deem Sënn ze änneren, sou datt eng zousätzlech Implantatioun vu «grandes surfaces» soll verhënnert gin. Och dës Mesür war an deem Moment ze begrëissen, well ee gesäit, dass et awer an deem Beräich riskéiert zu enger Rei Disfonctionnementen ze kommen.

– Am Kader vum Bahn-Hybrid – oder och «den neien Tram» genannt – hun ech d'Impressioun, dass vläicht déi éischt Léift bei der Regierung zu deem Projet eriwuer as. Ech erwaarde mer perséinlech, dass d'Regierung eis an allernächster Zukunft seet, ob se wëllt méi systematesch op deem Wee weidergoen an, wa jo – wat ech hoffen – datt eis och en Zäitplang respektiv e Finanzierungsplang virgeluegt gët, fir dës Realisatioun kënne ze garantéieren. Dat as eng Zukunftsrealisatioun fir d'Lëtzebuerger Economie a fir d'Mobilitéit vun de Lëtzebuerger insgesamt.

Nach e puer Bemierkungen zu Froen, déi vläicht nët direkt an d'Geld schloen, mä déi dofir awer nët manner wichteg sin.

– Iwwer d'Reforme administrative as schon hei diskutéiert gin. Ech wir ganz staark drun interesséiert, fir vun der Regierung ze héieren, nodeem mer de Frieseisen-Bericht kennen, wat fir eng politesch Konklussiounen gezu gin. D'Regierung soll der Châmber och matdelen, a wat fir eng Richtung elo soll politesch agéiert gin. Fir déi Äntwert ze gin, as den Här Freiseisen sécherlech iwwerfuert, well et as d'Roll vun deem jeweilige Minister, fir dat ze iwwerhuelen.

– Eng aner Suggestioun, déi och nët vill Geld géif kaschten, dat wir, fir dat hei zu Lëtzebuerg anzeféieren, wat am Ausland «pantouflage» genannt gët. Dat as eng Mesür, déi nët vill kascht, mä déi awer an deen neie Staatsbeamtestatut géif gehéieren. Mir kréie sécherlech nach Geleënheet, fir méi am Detail doriwwer ze schwätzen.

– En anere Punkt as deen, dass mer eis eng Kéier sollen ënnerhalen iwwer d'Reduktioun vum Walalter fir déi Jugendlech. Dat diirft keen Tabu méi sin. Ech plädéiere bekanntlech fir d'Erofsetze vum Walalter souwuel beim Vote actif wéi beim Vote passif.

– E leschte Punkt betrëfft déi Initiativ, déi d'Regierung geholl huet, fir e Parlamentarier ze chargéieren – an der Persoun vum Här Goerens war dat schon eng Kéier geschitt – fir e Rapport zu engem bestëmmten Thema virzeleén. Ech hun dat eng ganz gutt Iddi fond. Ech géif wiirklech d'Regierung respektiv de Premierminister encouragéieren, fir an deem Sënn weiderzefueren a fir an Zukunft d'Parlament nach zousätzlech iwwer dës Wee zu enger globaler Iwwerleung zu verschiddene Punkten ze kontaktéieren.

Voilà, Här President, ech hun an dene puer Minutten, déi méng Kollege mer gelooss hun, versicht zu e puer Punkte Stellung ze huelen. Ech sin der Meinung, dass deen Débat, dee mer gëschter an haut hei geféiert hun, e ganz rouegen Débat war, dee beweist, dass d'Vertrieder vun der Châmber, ob se de Majoritéitsparteien oder der Oppositioun ugehéieren, alleguer d'Wuel vum Land am A hun. Dofir si mer jo och schlussendlech heihinner gewielt gin.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.** – Ech proposéieren, datt mer haut de Mueren nach d'Madame Ferny Nicklaus an den Här Willy Bour lauschten an dann eng Paus maachen.

*(Interruptions diverses)*

Et sin nach véier Riedner ageschriwwen, an zwar d'Madame Ferny Nicklaus mat 6 Minutten, den Här Marcel Glesener mat 10 Minutten, den Här Willy Bourg mat 6 Minutten an d'Madame Polfer mat 20 Minutten. Dat heescht, et düürt bis bal 13.00 Auer goen. Op allgemenge Wonsch hin maache mer eis Diskussiounen also fäerdeg.

D'Madame Nicklaus huet d'Wuert.

**Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV).**— Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Am Kader vun den Debatten zur Lag vun der Natioun wëll ech dräi Voleten ugoen, an zwar dee vun de Fraën, dee vun der Famill an dann och nach e puer Wuert soen zur Thematik vun der «exclusion sociale».

Den Débat iwwer d'Chancëgläichheet, deen op dëser Plaz dee leschte 7. März startfond hat, huet däitlech gewisen, datt an eisem Land nach eng ganz Rei vun Effore muss gemaacht gin, fir datt mir vun enger reeller Chancëgläichheet tëschent Mann a Fra kënne schwätzen. Et sin am Kader vun dëser Orientéierungsdebat vill Themen a Problemer ugesprach gin, op déi ech an dësem Kontext net méi am Detail kann agoen. Méng Intentioun as et dann haut, jhust nach eng Kéier un dräi Aspekter vun de Motiounen ze erënneren, an domat och un d'Vepflichtungen, déi mir mat der Zoustëmmung dozou agaange sin.

*(M. Jean Spautz reprend la Présidence)*

Erlaabt mer also, e puer wichteg Punkte stéchuertaarteg erauszegräifen:

— Am Beräich vun der Edukatioun sin eng Rei vu Virschléi gemaacht gin, déi an Zukunft d'Realisierung vun der Chancëgläichheet sollen erméiglechen. Sou as et noutwendeg, Couren anzeféieren, déi d'Schüler drop virbereden, datt souwuel d'Hausaarbecht wéi d'Erzéiung vun de Kanner an d'Betreiung vun elere Familienmemberen eng Aufgab fir déi zwee Partner as.

Wichtig as och d'Ausschaffung vun antidiskriminatoirese Programmer fir d'Formatioun vun de Formateuren, fir datt dës am Kader vun hirer Aarbecht selwer dem Prinzip vun der Chancëgläichheet Rechnung droen. Awer net nëmmen d'Inhalter vun de Programmer mussen dësem Prinzip gerecht gin, mä och d'Aart a Weis, wéi déi Programmer vermittelt gin.

— Een anere wichtige Volet as dee vun der Aarbechtswelt. Hei muss drop gëuecht gin, datt mat den «nouveaux gisements d'emploi» keen zweten – manner ofgesécheren – Aarbechtsmaart kreéiert gët, an datt an dësem Kontext net nëmme Plaze geschafé gin, déi eleng fir Fraë konzipiéiert sin. Wichtig as dernieft, datt déi Betraffen, ob Mann oder Fra, eng adequat Formatioun kréien, déi duerch een unerkannten Diplom an eng Karriär muss sanktionnéiert gin.

An dës Diskussioun gehéiert dann a méngen Aën och d'Problematik vun de «femmes rentrantes». Fraën, déi erëm an d'Beruffsliewe wëllen erakommen, muss gehollef gin. Fir d'alleréisch muss si eng gutt Berodung kréien an et muss genuch Orientéierungs- an Informatiounsseminaren ugebuede gin. Dës as eng wichteg an noutwendeg Approche, well jo vill vun dëse Fraë keng Ausbildung hun oder nëmmen eng ongenügend.

Een aneren, fir d'Fraën och an Zukunft wichtige Beräich as dee vun der Sécurité sociale, dat heescht, et geet ëm hir individuell Ofsécherung, an dat souwuel fir Fraen, déi beruffstätég sin, wéi och fir déi, déi doheem schaffen. Ech denken hei och zum Beispill un d'Ofschafung vun der 64-

Stonne-Klausel, déi ee bis elo muss schaffe goen, fir iwwerhaapt eng Pensioun ze kréien.

An dësem Kontext as et och evident, datt d'Familjen- an d'Beruffsliewe besser muss vereinbar sin, fir datt och Fraën, déi no enger Zäit erëm wëlle schaffe goen, dës iwwerhaapt och kënne realiséieren. Dozou gehéiert, datt d'Kannerversuergungsinfrastrukture mat all hire Facetten, wéi Garderien, Schoulkantinnen oder och d'Versuergung duerch Tagesmütter, mussen erweidert gin. Néideg as och, d'Aarbechtszäiten an deem Mooss flexibel ze gestalten, fir datt Famill a Beruff net incompatibel sin.

— Een Thema, wat mir besonnesch um Häerz läit, as dat vun der Gewalt géint d'Fraen. Niewent enger weiderer Sensibiliséierungscampagne, déi noutwendeg as, misst och d'Fuerderung no engem nationale Service géint d'Gewalt géint iwwer de Fraë realiséiert gin. Am Kader vun der Police judiciaire besteet jo ee spezielle Service fir d'Protektioun vun de Kanner, an deen neie Service national kennt no dëser Struktur schaffen. Et as leider eng Tatsaach, datt souwuel de Parquet, wéi och d'Forces de l'ordre zimlech retizent sin, wann et heescht, bei sougenannten «affaires de famille» ze intervenéieren. Eng besser Formatioun an och Informatioun iwwer d'Problematik vun der Gewalt as noutwendeg, fir de betraffene Fraë kënne ze hëllefen. Ze wënsche wär och eng verbessert Kooperatioun tëschent de Forces de l'ordre an de Leit, déi um Terrain mat de betraffene Fraë schaffen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Am Beräich vun der Familjepolitik as et essentiell, datt vu staatlecher Säit d'Efforen am Beräich vun der Betreiung vum drëtten Alter souwuel um Niveau vun den Alters- a Flegeheimer, wéi och bei de Servicer doheem weidergefouert gin. D'Ausweitung vum Téléalarme, d'Repas sur roues oder d'Aide à domicile sin och am Kader vun der kommender Flegeversécherung ee wichtigen Aspekt. D'CSV trëtt derfir an, datt déi eler Leit soulaang wéi méiglech an hirer gewinnter Engéigend kënne bleiwen, a setzt sech fir de Prinzip an, datt dës Sachleeschunge prioritär vun der Flegeversécherung gedroë gin.

Bei de Kannerbetreiungsméiglechketen as et wichtig, datt dës Mesüeren och an Zukunft weider ausgebaut a regional ugebuede gin, an dës net zulescht ënner der Considération, datt et esou fir vill Fraë méiglech as, fir zu enger besserer Vereenbarkeet vu Beruff a Famill ze kommen. Familjepolitik heescht a méngen Aën haut net, der Koppel esäit e Liewensschema ze propagéieren, mä et heescht, déi Méiglechketen ze schafen, déi et der Koppel erlaben, an egener Verantwortung a Responsabilitéit hire Wee vu Familjeliewen ze fannen. An dësem Kontext passt dann och d'Direktiv iwwer de Congé parental.

Wat elo de Volet vun der Solidaritéit ugeet, sou verstinn ech dorënner och déi gesamte Politik, déi am Intérêt vun den Handicapéierte gemaacht gët. Et as ze begrëssen, datt an nächster Zäit d'Etüd wäerd virleien, op Grond vun där dann e Gesamtkonzept erstallt gët. Grad an dësem Beräich as et wichtig, datt gezielt Mesüeren ergraff gin, fir de Betraffenen an och hire Familien d'Liewen ze vereinfachen.

Ech riichten op dëser Plaz een Appell un de gudden Wëlle vun den Enseignantën, d'Integratioun vu behënnerte Kanner an eis Schoulen ze ënnerstëtzen, an zwar an engem Geescht vu Solidaritéit mat dene Familien, déi et méi schwéier hu wéi aneren.

Dës lescht Thema konnt ech aus Zäitgrënn nëmme kuerz ernimmen. Ech hoffen awer, datt, wann déi respektiv Thematiken hei an der Châmber traitéiert gin, dës mat méi

Zäitopwand geschitt an esou awer eng detailléiert Analys ka gemaacht gin.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président.** – Als nächste Riedner as den Här Willy Bourg agedroen. Här Bourg, Dir hut d'Wuert.

**M. Willy Bourg (CSV).** – Här President, Dir Dammen an Dir Hären. D'Ukënnegung vum Premierminister Jean-Claude Juncker fir d'Gewerbekapitalsteuer ofzeschaffen, huet bei ville Gemengepolitikere fir grouss Onrou gesuergt. D'Perte fir d'Gemenge bedréit ronn 2,6 Milliarden, dovun eleng fir d'Stad Lëtzebuerg 950 Milliounen.

D'Onrou as also schons verständlech.

Mä et liicht mir als Gemengepolitikere awer an, datt déi geplangten Ofschafung vum der Gewerbekapitalsteuer wirtschaftspolitesch Sënn mécht. Mir kënnen also och als Gemengepolitikere derhannert stoen, well och mir iwwerzeegt sin, datt déi Moossnamen d'Attraktivitéit vum Standuert Lëtzebuerg méi grouss maachen. Mä als verantwortleche Gemengepolitikere muss ech mir awer Gedanke kënnen maachen, wéi et soll weidergoen. A wann aner Gemengepolitikere, egal vu wellecher Couleur, hir Suerge vum Häerz geschwat hun, muss een dat dach respektéieren a seriö huelen.

Ech wëll awer hei e puer Gedanke virbréngen zum Thema Gemeengefinanzen a speziell zu de Schwiregkete vum enger grousser Gemeng, fir d'Stad Lëtzebuerg net ze nennen.

1. Et geet drëm, fir ee fir allemol klorzestellen, wat mir ënner Gemeengenaautonomie nach verstinn, net zulescht am Liicht vum der europäescher Charta vum der lokaler Autonomie, déi och Lëtzebuerg approvüert huet: «Convaincus que l'existence des collectivités locales investies des responsabilités effectives permet une administration à la fois efficace et proche du citoyen... affirmant que cela suppose l'existence de collectivités locales... bénéficiant d'une large autonomie quant aux compétences, aux modalités d'exercice de ces dernières et aux moyens nécessaires à l'accomplissement de leur mission».

Ongenügend finanziell Moyaenë maachen eng Autonomie dach illusoresch. Moyaenën, déi imprevisibel sin, déi eng Kéier fléissen, eng aner Kéier nëmmen drépsen, maachen all Budgetsprevisiounen onméiglech.

Et gëlt also ze garantéieren, datt d'Einname vum de Gemenge genügend, geséichert an einegermoosse previsibel sin.

2. Et gëlt ee fir allemol klorzestellen, wat iwwerhaupt d'Kompetenze vu Stat a Gemenge sin. Wat gehéiert bei de Stat? Wat gehéiert bei d'Gemengen?

Iwwergens steet dat an der Regierungserklärung:

«Le Gouvernement fera procéder à une analyse de la répartition des compétences et des responsabilités entre l'Etat et les communes dans l'optique d'une redéfinition plus précise des missions confiées au secteur communal. Sur base des conclusions de cette analyse qui sera discutée avec les représentants du secteur communal, le Gouvernement entreprendra une réforme des finances communales comportant une adaptation adéquate de la quote-part des communes dans certains impôts de l'Etat».

Ech wir frou emol ze héieren, wéi et mat där Analys sténg.

3. Et steet an där selwechter Regierungserklärung folgende Saz:

«Les transferts de fonds entre l'Etat et les communes tiendront dûment compte des vocations régionales de certaines communes».

Also, et gin an dësem Land eng Rei Gemengen, déi esou regional Kompetenzen hun, an déi doduerch mat grousser finanzielle Schwiregkete ze kämpfen hun an déi frou wire wann d'Regierung endlech op deem Gebitt géif virumaachen. Wéini as domadder ze rechnen?

4. An domat kommen ech zur gréisster Gemeng vum Land, der Stad Lëtzebuerg, déi nun cemol d'Hauptstad vum dësem Land as.

An der Gemeengefinanzreform vum 1992, déi an den Aë vum hiren Autoren am Innenministère vum epochaler Bedeitung war, gi jo bekanntlech regional an national Aufgabe vum enger Gemeng schlicht ignoréiert. Jo, si geet esouguer esou wäit, datt zum Beispill d'Noutwendegkeet vum Busbetrib vum der Hauptstadt – si as déi eenzeg Gemeng, déi esou e Busbetrib huet, an dee kascht dës Jor méi wéi 1,3 Milliarden – gläichgestallt gëtt mat der Noutwendegkeet vum engem Camping.

Also, do as wuel all Kommentar iwwerflësseg.

Egal, déi intelligent Reform huet d'Stad Lëtzebuerg 1994 ganzer 950 Milliounen kascht, Tendenz all Jor steigend.

Et muss een allerdéngs soen, datt se dat selwecht Jor duerch de Fonds communal de Dotation financière 288 Milliounen erëm krut, mä dat sin nach ëmmer wäit iwwer 660 Milliounen, déi ons am Budget felen.

Wouriwwer ech awer besonnesch opbruecht sin, dat as, datt trotz där Gemeengefinanzreform vum 1992, de Beitrag vum der Stad Lëtzebuerg an d'Renten- a Pensiounskeess vum Régime contributif net berechent gëtt en fonction vum deem Undeel vu Steieren, déi d'Stad nach jhust erauskritt, mä vum deem Undeel, deen d'Stad hei anzitt.

An der Stad gin 2/3 vum der Gewerbesteier vum ganze Land opgehuewen; d'Stad kritt awer nëmmen 1/3 eraus. Bis elo hu mir, trotz Protester an Interventiounen am Innenministère, Honnerte vu Milliounen zevill an d'Renten- a Pensiounskeess bezuelt déi lescht puer Joren.

Also, laut Gemeengefinanzreform as eng Gemeng enger anerer Gemeng gläich. Dat as awer an der Praxis net de Fall. Ech kéint Iech eng Rei Beispiller soen. Ech soen Iech awer jhust ee Beispill:

Ech hu gëschter an enger Wochenzeitung gelies, dass irgendwou an enger Gemeng e Landesmuseum agericht gëtt, fir ze weisen, wéi se fréier um Land geliefert hun. De Stat as selbstverständlech mat 15% dobäi.

D'Stad Lëtzebuerg baut och e Musée, zwar nëmmen e Gemengemusée, deen awer eng national Bedeitung huet. Do as de Stat selbstverständlech mat 0% derbäi. Ech kënnt Iech där Beispiller nach soen.

Säit der Gemeengefinanzreform, mat där mir nach ni d'accord waren, hu mir trotzdeem enorm Effort gemaacht, fir d'finanziell Schwiregkete an de Grëff ze kréien. Mir sin nach net iwwer de Bierg a schons kommen, duerch d'Gehälterofkommes vum der Regierung mat de Staatsbeamten, nees grouss Dépenses op ons duer.

Wann elo d'Stad erëm 950 Milliounen verléiert ouni eng verstänneg Kompensatioun, komme mir an eng onméiglech finanziell Situatioun. Den Här Gira huet hei gesot, da mussen Gemenge méi lues trëppelen, anerer mussen vläicht op der Plaz trëppelen. Mir kënnen net méi lues trëppelen an och net op der Plaz trëppelen, well da kréie mir e finanziellen Häerzinfarkt.

D'Regierung muss also verstoen, datt ech als verantwortleche Gemengepolitikere duerch déi nei geplangte Steierabousse staark beonrouegt sin.



Et müssen also adequat Kompensationsmoosname geholl gin. Mir hu verstanen, datt et keng 100%teg Kompensatioun gët. Mir an der Stad sin och bereet, e rasonnable Beitrag zur wirtschaftlecher Attraktivitéit vum Standuert Lëtzebuerg ze leeschten.

Op der Pressekonferenz no deem leschte Regierungstrot huet onse Premier, an deem ech mä ganz Vertraue setzen, Wieder gesot, déi ons berouege kënnen. Mä de leschten Apaisement hun ech nach nët, well ech nach ëmmer un déi Zäit denken, wou mer ons nët méi wéi eng Kéier am Laf vum Mount gefrot hun, wéi mer um Enn vum Mount géifen d'Païe vun onse Fonctionnaires an Aarbechter bezuelen.

D'Stad Lëtzebuerg as nun eemol d'Hauptstad, déi alle Biiirger vum Land viles ze bidden huet an och bitt. Ech denken do un ons kulturell Aariichtungen, – ech brauch se nët ze zitieren – déi enorm vill kaschten a vun denen d'ganz Land profitiert.

Ech denken un onse Buszerwiss, deem alle Leit fir en niddrege Präis zur Verfügung steet, mat engem Defizit Jor fir Jor vun enger Milliard.

Iwwregens leet de Stat do kee Frang Subsid bäi, mä wann awer den Transport vun de Biiirger an anere Gemenge realiséiert gët vum Transportministère, do leet den Transportministère 100% bäi.

Ech warnen dofir eindringlech virun enger weiderer gravéierender Verschlechterung vun de finanzielle Mëtzel vun der Stad Lëtzebuerg, an ech erwaarde bei der Verhandlung tëschent der Regierung an dem SYVICOL eng verstänneg an akzeptabel Léisung.

Ech erwaarden, datt den zoustännegen Innenminister elo geschwënn iwwer d'Konklusiounen vun der Analys betreffend d'Kompetenze vu Stat a Gemenge mat de Gemenge schwätzt.

Ech erwaarden, datt dee selwechte Minister ons kurzfristeg Propositionen ënnerbreit, fir d'Ausgabe vun de Gemengen ze ënnerbannen, déi näischt méi mat der Gemenge ze din hun, an ech erwaarden, datt dee selwechte Minister nach an dëser Legislaturperiod Propositionen mécht, fir d'regional an d'national Kompetenze vu bestëmmte Gemengen ze kompensieren.

Ech hun elo versicht, an e puer Wieder – an ech war nët demagogesch – méng Suergen hei ze soen an ech hoffen, datt ech och Verständnis fond hun.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.** – Als nächste Riedner as den Här Marcel Glesener agedroen.

Den Här Glesener huet d'Wuert

**M. Marcel Glesener (CSV).** – Här President, Kolleginnen a Kollegen. Nom Här Bourg a virun der Mme Polfer wëll ech den Terrain vun der Stad Lëtzebuerg emol eng Kéier kurz verlossen an op e puer aner Aspekter agoen, déi mat Sécherheet och grouss Problemer hei am Lëtzebuerger Land stellen an déi och e brede Raum kritt hun an der Deklaratioun vum Här Staatsminister Juncker.

Et sin dat d'Beschäftigungspolitik, d'Stoltripartite, d'sozial Sécherheet an d'Rentereform, ganz kurz an där Zäit, déi mer elo nach zur Verfügung steet.

Här President, et stëmmt, mir hun hei zu Lëtzebuerg nach keng Massenaarbeitslosigkeit. Mä d'Aarbechtslosigkeit huet zougeholl, trotzdeem d'Beschäftigung weider zougeholl huet.

Tëschent 1994 an 1995 huet d'Beschäftigung ëm 2,9% zougeholl. De Wuesstum un Aarbecht konnt d'Aarbechtslosigkeit awer nët erofsenken, am Géigendeel, d'Joresmoyenne 94/95 un Demandeurs d'emplois as ëm ronn 10,5% gestiegen. Et as dat eng Ursaach fir elo a fir schnell ze reagieren, virun allem och, wa mer viraus kënnen gesinn, datt d'Progressioun un neien Aarbechtsplazen sech ofschwäche wäerd. Dat as nët auszuschléissen, an da kann d'Aarbechtslosigkeit rapid an d'Luucht goen, eng weider Ursaach, fir elo ze reagieren.

Während deem selwechten Zäitraum, deem ech elo kurz skizzéiert hun, huet den Undeel u Frontalierën ëm 6,6% zougeholl. Och dat as eng Entwécklung, déi Ulass zu Iwwerleunge gët an déi Iwwerleunge wäerte mer jo an Zukunft nach eng Kéier hei kënnen féieren.

Doriwwer eraus, trotzdeem mer versicht hun iwwer en neit Gesetz, dat d'Leiharbecht reglementéiert, d'Leiharbecht méi ze erschwéiere par rapport zu festen Aarbechtsplazen, as d'Leiharbecht vun 1.859 Unitéiten am Januar 1995 op 3.260 am Dezember 1995 ugewuess.

Bleiwe mer nach kurz bei den Zuelen: Trotzdeem an der Industrie d'Aarbechtsplazen ëm 1,9% zrëckgaange sin, schaffen 30% vun de Leiharbeitnehmer an der Industrie. Grad an der Industrie wäerten, bedéngt duerch den Ofbau an der Stolindustrie, d'Aarbechtsplazen nach weider zrëckgoen.

Wann ech soen, mir müsse reagieren, da wëllt dat nët soen, mir hätten nach näischt gemaacht, au contraire. Eng ganz Rei vu konkrete Moosnamen si vun der Regierung getraff, si vun der Tripartite festgehalten an duerch Gesetz festgeluegt gin.

Erlaabt mer nëmmen e puer Beispiller:

D'Gesetz vun 1989 iwwer den Aarbechtsvertrag;

d'Gesetz wat d'Leiharbecht regléiert;

d'Agglidderung vun handicapéierte Matmënschen an eis Wirtschaft;

d'Mobilitéitsprimmen, déi festgeluegt gi fir d'Mobilitéit ze fördere vun dene Leit, déi keng Aarbecht hun;

d'Lounofsécherunge fir e Chômeur während véier Jor zu 90% vu séngem initiale Loun;

de Kënnegungsschutz as verbessert gin;

d'Préretaire as erwidert an ebenfalls verbessert gin;

d'Jugendarbeitslosigkeit as gezielt bekämpft gin;

d'Strukture beim Arbeitsamt si verbessert gin.

Et sin dat also Moosnamen, déi getraff gi sin. Wa mer se nët getraff hätten, da géife mer haut héchstwahrscheinlech vun enger ganz anerer, vill méi dramatescher Situatioun um Aarbechtsmaart schwätzen.

Eng vun de Konklusiounen vun der Tripartite war och déi, datt mer gesot hun, all déi Moosnamen müsse méi zum Droë kommen. Si kënnen och méi zum droë kommen, wa mer et fäerdegbréngen, se méi bekannt ze maachen. Mir müssen also eng aggressiv Politik maache vu Säite vum Arbeitsamt, fir de Betriber, der Economie, de Schoulen, den Elteren, den Aarbechtslosen, den Organisatiounen Opklärung ze gin, wat alles méiglech as, wéi se sech sollen uleën, fir déi Moosnamen an de Grëff ze kréien, fir déi Moosnamen ze benotzen, fir esou d'Aarbechtslosigkeit därtlech erofzesenken.

Mir hun héieren an den Ausféierunge vum Här Juncker, datt d'Arbeitsamt amgang as déi grouss ugeluegte Publikatioun a



Publizitéit an Ugrëff ze huelen. Allerdéngs war ech e bëssen iwwerrascht, wéi ech gelies hun, datt d'Arbeitsamt décidéiert huet, elo e Konzept vun esou enger groussugeluegter Publikatioun erstellen ze loossen an den Optrag gin huet un d'Agence luxembourgeoise d'Actions culturelles, déi dirigéiert gët vum Här Claude Frisoni. Ech weess nët, ob dat de richteg Wee as, fir op Grond vun där Institutoun Konzepter ze erstellen, déi vläicht vun enger anerer Plaz kënnen erstallt gin, fir datt déi Moosnamen, déi mer getraff hun, besser kënnen gräifen.

Ech wëll nët hoffen, datt mer bei Publikatiounen elo de Konterfei am Hannergrond kréie vun denen Dammen, déi d'Stad Lëtzebuerg veronstallt hun a Form vu Figure vum Niki de Saint Phalle. Dat géif mat Sécherheet nët dozou bäidroen, fir d'Leit unzeregen, déi Moosname méi konkret an Ugrëff ze huelen.

*(Interruptions diverses)*

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.** – Si ware ganz schéin, Här Glesener! Et war keng derbäi, déi mer nët gefall huet. Et huet mech jiddefalls keng gestéiert.

**M. Marcel Glesener (CSV).** – Dat as Affaire de goût!

Mä doriwwer eraus war eng vun dene wichteg Moosnamen, déi mer getraff hun, d'Erofsenke vun de Lounniewekäschen zu Gonschte vun de Betriber. Ech erënneren do un de Beitrag vun 1,7% fir d'Finanzéierung vum Kannergeld; ech erënneren un d'Entfalen zu Gonschte vun de Betriber vun alle Sozialbeitrag beim Astelle vun engem eleren Aarbechtslosen.

Elo si weider steierlech Moosnamen ugekënnegt gin, fir d'Kompetitivitéit vun de Betriber ze stäerken an ofzesécheren. Als Sozialpolitiker kann ech déi Moosnamen nëmme begreifen.

Et as noutwendeg, dass mer hei zu Lëtzebuerg en Emfeld schafen an erhalen, fir dass eise Betriber hir Wettbewerbsfäegkeet erhalen a gefördert gët.

Wann also déi steierlech Moosnamen am Intérêt vun der Wettbewerbsförderung vun eiser Ekonomie och zu Gonschte vun der Beschäftegung an der Erhaltung vun Aarbechtsplaze bäidroen, da sin déi steierlech Moosname mat Sécherheet nët onsënneg Steiergeschenke un d'Adress vun der Wirtschaft. Ech géif soen, datt se noutwendeg an ubruecht sin.

An deem Kontext as ze begreifen, datt eis Betriber neierdings e steierlechen Abatement vun 10% solle kréien, wa se an Zukunft en Aarbechtslosen astellen. Ech fannen dat eng konkret, beschäftegungsfördernd Moosnam.

Ech mengen, den Här Staatsminister ka mäi Wunsch verstoen, a mir wäerten do enger Meinung sin, datt een déi dote steierlech Moosnam nët eréischt soll wirke loossen, wann d'Gesetz gestëmmt as, mä dass ee se soll réckwirkend aféieren. Ech wir frou, wann den Här Staatsminister a senger Äntwert kuurz op dee Wunsch géif agoen.

Datt der Beschäftegungsproblematik vun der Regierung eng absolut Prioritéit aberaamt gët, beweist de Wunsch no enger Orientéierungsdebat am Parlament. Mir begreifen an ënnerstëtzen dee Virschlag. D'Initiativ as vun de Gewerkschaften ausgegangen.

Mir däerfen eis awer bei esou engem Débat nët eleng op eng Analys vun der Situatioun beschränken, mä e konkret a klor definéiert Handele muss d'Resultat vun esou enger Debat gin. Mir müssen eis iwwer klor Zilsetzungen am viraus eens gin, déi esou enger Debat solle folgen.

Éischt Virschléi vum Comité permanent de l'Emploi mussen mer bei deem Débat virgeluegt kréien.

D'Schlussfolgerunge vum Aarbechtsgrupp «nouveaux gisements d'emploi» müssen d'Diskussione beräicheren.

Mir müssen de Sozialpartner Uregunge gin, fir datt si iwwer nei Aarbechtszäitmodeller – Aarbechtszäitverkürzung, Flexibiliséierung, nei Aarbechtsgestaltungsmodeller, Iwwerstonnen an esou weider – verbindlech verhandele kënnen.

D'Beruffsausbildung an d'berufflech Weiterbildung müssen am Kontext vun der Beschäftegung Léisunge fannen. D'Beruffsausbildung an d'berufflech Weiterbildung däerfen nët isoléiert funktionnéieren, mä mat der Beruffsberatung zesumme mussen se strukturell gebonne gi mat der Beschäftegungspolitik. Dofir kann et nëmme sin, datt Economie, Travail an Edukatioun kohärent zesummewirke.

Déi dual Beruffsausbildung a -weiterbildung muss gefördert gin.

D'Privatinitiativ an der berufflecher Weiterbildung muss prioritär ënnerstëtzt gin, virun allem och finanziell. D'Privatbeamtechamber as Träger a bitt déi berufflech Weiterbildung un. 2.300 Aschreiwunge pro Jor gët et fir esou Couren. Dat as de Beweis, dass de Besoin grouss as. Dat bedeit awer och, datt een d'Privatinitiativ muss weider fördern an ënnerstëtzen.

Doriwwer eraus muss d'Reform vum Kollektivvertraagsgesetz méi schnell virgedriwwen gin. Dat as eng vun de Schlussfolgerungen, déi mussen getraff gin an esou enger Orientéierungsdebat hei am Parlament. Ganz wichteg as, dass d'Sozialpartner mat an déi Debat agebonne gin.

Schlussendlech – an dat wëll ech un d'Adress vun dene soen, déi mat Schmäerzen op deem Débat waarden – däerf esou eng Orientéierungsdebat keen Astig an den Ofbau vum Aarbechts- a Sozialrecht sin.

Här President. Erlaabt mer, nach e puer Wieder zur Stoltripartite ze soen.

Deen Accord, deem elo ofgeschloss gin as, as e Ganz mat denen Accore vun 1993 an 1994. E kann nët isoléiert bewäert gin.

Et war vun der ARBED gefuerdert gin am Rumm vun den Décisiounen, déi 1993 an 1994 getraff gi si fir d'Rentabiliséierung vun der Emrëschtung op Elektrostolwierker, fir dat ze verbanne mam Wunsch, an engem relativ kuurzen Zäitraum ee weideren Ofbau vun Aarbechtsplazen duerchezéien. Doriwwer eraus huet d'ARBED en Ausgrenze vun allen Aktivitéite verlaangt, déi am Stolberäich nët direkt zur Stolerzeugung gehéieren.

Et muss een dat esou gesinn, an den Accord, deem d'Resultat vu laange Berodunge war, geet an d'Richtung, datt deem Ofbau, dee vun der ARBED gewünscht gin as, zäitlech gestreckt gin as, sou dass mer Méiglechketen a Mëttele fond hun, fir dee schmärzlechen zousätzlechen Ofbau sozialgerecht ofzufiedere.

Do as nach eng Kéier ze erwähnen, dass et wichteg as, datt déi 6,3 Milliarden nët un d'ARBED fléissen, mä eenzeg an eleng benotzt gin, fir den Ofbau vun Aarbechtsplaze sozial ofzufiedere. D'Alternativ heizou wäeren Entloossunge gewiescht. Dat wollte mer nët, an dat däerf et och nët gin.

Awer elo nach e puer kritesch Umierkungen.

Zu ménger ARBEDszäit war ARBED Lëtzebuerg an Europa ee ganz Groussen. Haut as d'ARBED europa- a weltwäit ee Ris

gin. Zu Lëtzebuerg, am Kontext zu Europa gesinn, bleift d'ARBED awer nach e Liliputaner, a weltwäit gesinn as ARBED Lëtzebuerg nach en Zwerg.

Wat mech besonnesch stéiert, dat as, datt keng zousätzlech Investitiounen an d'Zukunft vun ARBED Lëtzebuerg festgeluegt gin.

Lëtzebuerg behält eng Ofsécherungschance vu sänge Standuerter, wann nieft denen zwee Laangprodukter, déi enorm konjunkturofhängig sin, an eng nei Mëtteleisestrooss investéiert gët.

Dat bedeit een Emdenke vun der Unternehmensstrategie vun der ARBED. Mir wëssen, datt heifir d'ARBED-Management nët ganz waarm as.

Gewëss, et as och an d'Lëtzebuerger Standuerter investéiert gin. Den Investitiounsplang vun 20 Milliarden, deen 1998 ausleeft, war virun allem geduecht, fir d'Investitiounen fir d'Emrëschtung vun den Héichuewen op Elektrouewen ze finanzéieren.

Dat bedeit awer och en zousätzlechn Ofbau vu méi wéi 3.000 Aarbechtsplaze während der Investitiounsphas vun 1993 bis 1998.

Et as evident, dass déi Investitiounen noutwendeg waren, well en ersatzlosen Ofbau vun den Héichuewen hätt de Schluss vun eiser Stolindustrie bedeit.

Ech gesinn also déi Investitiounen an der ARBED dach e bëssche méi nuancéiert.

Den Här Staatsminister hofft, datt dat hei dee leschte Stolaccord as. Ech wëll dem Här Juncker séng Hoffnung nët zerstéieren. Vun 1975 u war ech beim Aushandele vu ville Stolaccoren derbäi. Mir hun ëmmer gegleeft, et wir endlech dee leschten Accord, mä an denen 21 Jor as no deem leschten ëmmer nach een neie komm.

– 1979 huet et geheescht, 16.500 Aarbechtsplaze wiren definitiv ofgesécher.

– 1983 hate mer dee gréisste Stolexpär, deen Europa an d'Welt kennt huet, zu Rot gezun. Dat war den Här Gandois, deen eis eng Prognos vun Ofsécherung gemaacht huet mat 10.500 Aarbechtsplaze fir 1987. Hien huet eis Héichuewen als déi bescht vu ganz Europa a weltwäit als äusserst kompetitiv beschriwwen. Haut «dämpft» dee leschten Héichuewen nach jhust e bësschen op ARBED-Belval.

– 1993 huet d'Etude Berger d'Emrëschten op Elektrostolwierker virgeschloen, mat dem Resultat, datt 5.500 Aarbechtsplaze sollte bleiwen.

– Haut schwätze mer nach vu knapp 4.000 Aarbechtsplazen.

Et kënn awer elo nët drop un, nëmmen deem nozeträuen, wat geschitt as. Et kënn drop un, datt déi Zilsetzungen, déi elo getraff gi sin, zum Droë kommen. Mir dréinen d'Rad nët méi zrëck. Einfach wärd et awer nët gin, fir déi Programmer ze realiséieren, wann nët zousätzlech an d'Standuerter vu Lëtzebuerg investéiert gët.

Eng Rei vun dene geplangte Moosssname wäerte mat Sécherheet d'Aarbechtslosegkeet hei zu Lëtzebuerg nach weider uwuesse loossen.

Et kënn drop un, datt mer e Klima vu Vertraue schafen an eise Stolstanduerter hei zu Lëtzebuerg, datt mer e Klima vu Vertraue schafe fir déi Leit, déi haut nach an der ARBED schaffen, déi demotivéiert sin. Wa mer permanent vun

Ennerganksstëmmung schwätzen, ouni awer kritesch a konstruktiv an d'Zukunft ze kucken, dann huele mer dene Leit déi lescht Motivatioun. Mat enger demotivéierter Belegschaft as et ganz schwéier, fir nach Wesentleches ze schafen.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).**– Déi hun d'Flemm mat där Regirung!

**M. Jean Asselborn (LSAP).**– Här Rippinger, Dir waart nach ni op enger Schmelz!

**M. Marcel Glesener (CSV).**– Doriwwer eraus mussen och déi jonk Leit erëm Vertraue kréien, wa se d'Chance hun, eng Aarbecht bei der ARBED ze kréien.

Ech géif nach gäre méi an den Detail agoen, mä d'Zäit, déi ech hun, erlaabt mer et nët. Ech weess, d'Madame Polfer waart brennend drop, fir nach vun de Problemer vun der Stad Lëtzebuerg ze schwätzen.

Erlaabt mer, nach ee Wuert zum Thema sozial Sécherheet ze soen, dee vill Raum am Här Juncker sénger Deklaratioun ageholl huet. Kuurz e puer Stéchwierder.

D'Krankekesereform huet wäitgehend hir Zilsetzungen erreecht. Et besteet fir de Moment keen akuten Handlungsbedarf, fir elo Grondlegendes ze änneren, et sief dann, et géif een dee leschte Schratt maachen a Richtung Fusioun vun de Krankekesen an den Tiers payant verallgemengeren.

Wat d'Rentereform ugeet, sou mussen d'Konvergenzen zwëschen den zwee Pensiounssystemer an der Endphas ganz enk beienee leien, mat dem Zil:

– eenheetlech Finanzierungsstrukturen ze schafen: do as schon e grouse Schrëtt gemaacht gin;

– eenheetlech Leeschtungsstrukturen ze schafen;

– sozialgerecht Iwwergangsbestëmmunge fir déi Aktiv am öffentlechen Dingscht an déi Reform mat anzebannen;

– punktuell Verbesserungen am kontributive Regim nët auszuschléissen an duerchzeféieren.

Sou gesinn, muss 1997 d'Jor gi vun dese grouse Reformen. Et soll weiderhin alles versicht gin, fir e Konsens tëschent alle betreffenen Organisatiounen ze erreechen.

Zur Flegeversécherung as ze soen, dass d'Marschroute vun der Regirung déi richteg as. Et geet elo drëm, fir dat Konzept nach weider auszefeilen, fir d'Aféierung an Etappe vun deem Konzept ze erreechen a fir dat Konzept finanziell fonktiounsfäeg ze gestalten an ofzesécheren.

Dat as awer nëmme méiglech, wa mer de Wee iwwer déi national Solidaritéit gin. E Beitrag zur Finanzéierung mussen erbréngen:

– den eenzelne Biiirger,

– d'Wirtschaft an

– de Stat als Träger vun der Allgemengheet.

Här President. Villes wir nach ze soë gewiescht. Mir wäerten d'Geleënheet nach kréien, fir méi ausféierlech op all déi Themen anzegoen. Fir haut wëll ech mat deem Gesoten ofschléissen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**– Lescht Diskussiounsriednerin zur Lag vun der Natioun as d'Madame Lydie Polfer. Madame Polfer, Dir hut d'Wuert.

Mme Lydie Polfer (DP).– Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Erlaabt mer zum Ofschloss vun dësen Debatte festzehalen, datt déi Debatte mir op enger ganzer Rei Punkte Satisfaktioun gin hun:

1. All Mënsch as opgefall, datt den Toun geännert huet, datt en anescht gin as. Ech soen, tant mieux! Ech hun do d'Illusioun, datt vläicht de Répondeur automatique e bësschen derzou bäigeholle huet.

2. Wat nach vill méi wichteg as, dat as de Fong. Ech mengen, et as iwwerfällg, fir all politesch Acteuren an och d'Zeitungen, no baussen nach wëlle gëwen ze din, datt d'DP keng Alternativen hätt.

a) De Staatsminister selwer huet festgehalen, datt d'Oppositoun gewëss nët ëmmer Onrecht hätt, an datt valabel Alternativvirschléi gemaacht gi sin.

b) Mir hun dann och mat Genugtuung festgehalen, datt sech d'Regierung op enger Rei Punkten un de Virschléi vun der Demokratescher Partei entweder inspiréiert oder annonciéiert huet, datt se op enger Rei Punkten op deen nämlechte Wee géng goen, wéi mir en och gesinn. Ech erwähne se hei nëmme stéchiwiederarteg:

- effiziente Stat;
- Steierpropositiounen fir d'Entlaaschtung vun de Betriber am Intérêt vum Erhalen a vum Ausbau vun den Aarbechtsplazen;
- Propositionen fir de Mëttelstand ofzesécheren;
- Nidderloossungsrecht vun de grandes surfaces;
- Disponibilitéit, déi ugekënnegt gin as, fir d'Zousazpensiounen am Privatsektor ofzesécheren;
- d'Erkenntnis, datt d'Kommodo-Inkommodo-Prozedur muss ofgeännert gin;
- Schafung vun engem Verwaltungsgeriicht, an
- nach eng ganz Rei aner Propositionen, wou den Här Henri Grethen gëschter am Detail drop agaangen as.

Mir hoffen nëmme, datt déi Manéier, fir un d'Saach erunzegoen, och iwwer d'Jore ka bäibehale gin.

De Staatsminister hat de Wönsch erkläert, nët fir alles d'Regierung responsabel ze halen, wat an dësem Land gebockelecht wir. Ech mengen, mir sin deem Wönsch nokomm. Mir hale si nëmme fir dat responsabel, wou si selwer derzou bäigedroen huet, d'Saache gebockelecht ze maachen.

An hei ernimmen ech nëmme véier Dossierën, wou et fir jidferree klor genuch as, wat domat gemengt as:

- Rehazenter,
- Kannerklinik,
- Haebicht,
- Pei-Musée.

Mir hun och festgestallt, datt d'Regierung – de Staatsminister hat et klor ugedeit – gewëllt wir, op Punkten, wou se agesinn huet, datt Saachen nët an déi richteg Richtung lafen, zréckzekommen: z.B. d'Nidderloossungsrecht an d'Protokollen, wou d'Madame Delvaux annonciéiert huet, si géng déi Saachen nei iwwerkucken.

Dat begrëisse mer, well et eng verstänneg Haltung as, fir un d'Problemer erunzegoen!

Den Henri Grethen, onse Fraktiounschef, huet gëschter gewisen, datt mir als Oppositoun nët Gestëppels maachen, mä au contraire, datt mer konstruktiv a konkret gewëllt si

matzemaachen a matzeschaffen op alle Punkten, déi d'Aktualitéit beinhalt, fir an dësem Land eng lieweg Demokratie oprechtzëerhalen, an dat am Intérêt vum Land.

Wat d'ekonomesch Situatioun ubelaangt, do si mer mam Staatsminister d'accord, wann hie feststellt: «Nëmme wann eis Economie leeschtungsfaeg a leeschtungsstaark bleift, kënnen mer eise soziale Modell halen.» Dat as näischt anescht wéi dat, wat den Henri Grethen ausdréckt: «De Kuch muss fir d'éischt gebak gin, ier mer e kënnen verdelen.»

Iwwer d'Analys frëe mer ons, feststellen, datt an dene leschte Joren de Wirtschaftswuesstum kontinuierlech an d'Luucht gaangen as, an dat méi wéi an eisen Nopeschlänner.

Mir sin och frou driwwer, datt bei ons all Jor netto méi Aarbechtsplaze geschaf gin, wéi dat soss op Plazen de Fall as. Dat waren eleng am leschte Jor 5.600 Aarbechtsplaze méi. Doriwwer frëe mer ons!

Dene méi positiven Tende musse mer awer och ganz realistesch déi méi negativ Punkten entgéinthalen, déi mer hoffentlech alleguer erkannt hun. Dat as, datt wichteg Branché vun eiser Economie an deem ëmmer méi haarden internationale Konkurrenzkampf, deen eben d'oppe Mäart mat sech bréngen, a Schwiregkete kommen. Dat as – den Här Glesener huet et elo jhust nach verdäitlecht – an dat war d'Siderurgie. Dat sin ons Kleng- a Mëttelbetriber. An dat sin och an engem gewësse Mooss d'Banken.

Et as dofir d'Flicht vum Stat, fir ze kucken, a wéi engem Mooss en duerch steierlech oder infrastrukturell Moossname kann hëllefen, am Intérêt vum Standuert Lëtzebuerg a fir d'Lëtzebuerger Konkurrenzfäegkeet vun onse Betriber ze erhalen.

Mir begrëissen dofir ganz klor déi Steiererliichterungen, déi virgeschloë gi sin, quitte datt ech herno nach op ee Volet, deen zu Laaschte vun de Gemenge geet, méi genau wäerd zréckkommen. Ech kann dat allerdings zimlech kuurz maachen, nodeem den Här Bour wirklech op eng ganz ausféierlech Aart a Weis dëse Problem ugaangen as. Ech kann all dat, wat hie gcsot huet, mat zwou Hänn ënnerschreien.

Een anere Punkt, dee mat zu dene schwiregsten zielt, as dee vun der Augmentatioun vum Chômage, trotzdeem datt d'Aarbechtsplazen awer all Jor netto an d'Luucht gin.

Loosse mer emol d'Chiffere kucken! 28,5% vun den Aarbechtsplazen gin hei am Land vu Frontalière besat. Dat sin der 55.980. Dee Chiffer geet kontinuierlech an d'Luucht. Da muss ee sech awer op eng roueg an onpolesch Aart a Weis kënnen d'Fro stellen: Wou leien hei d'Ursaachen? Firwat brénge mir et nët fäerdeg, fir déi 5.800 Chômeuren, déi mir hun, op déi Plazen ze forméieren, déi hei am Land an dene leschten 10 Jor geschaf gin sin?

Gewëss, et gët eng Rei Äntwerten: dat éischt as d'Inadequatioun vun onser Formatioun op déi bestehend Aarbechtsplazen.

Déi jëtzeg Regierung as elo am 12. Jor responsabel fir d'Bildungspolitik. Ech wëll lech nëmme een Zitat soen, dat virun e puer Méint am «tageblatt» stung, vum Här Sold ënnerschriwwen: «Wie kann een Luxemburger Unterrichtsminister, der in den nächsten Jahren Tausende von schlecht gebildeten und ausgebildeten jungen Menschen, insbesondere solche aus dem unteren Zyklus des «seconde technique», auf den Arbeitsmarkt wirft, eigentlich noch ruhig schlafen? Er, pardon, sie weiß doch, daß deren Chancen quasi null sind!»

Ech wëll hei net d'Responsabilitéit op ee Minister werfen, a ganz sécher net op deen, deen elo am manste laang déi Responsabilitéit hat, mä et muss ee sech awer ganz grëndlech Froë stellen. Dat si mer eiser Jugend an dene Kanner, déi keng Aarbecht fannen, schëlleg.

Dat zweet as d'Fro: As eisen Dispositif social adaptéiert? Fördere mer genuch den Drang no Aarbecht ze sichen?

Ech wëll et hei net op eng polemisch Aart a Weis duerleën, mä ech hoffen awer, datt mer zesummen an denen Debatten, déi nach ugekënnegt sin, déi dote Froen an aller Offenheet kënnen uschwätzen.

Drëttens sin ech och sécher, datt an der Organisatioun vun der Administration de l'Emploi munches kënnit iwwerkuckt gin. De Staatsminister huet zu Recht gesot, wann ee sech intensiv mat engem Fall ofgëtt – an hien huet d'Goodyear ernimmt – datt een da kann zu positive Konklusione kommen. Ech froë mech jhust, wann et bei der Goodyear méiglech war, fir Honnerte vu Leit ze fannen, déi an der Administration de l'Emploi ageschriwwen waren, firwat brénge mer dat bei anere Betriber, déi och Leit sichen, net fäerdge? U wiem oder u wat läit et?

Dat si Punkten, déi een, wéi gesot, an aller Rou, awer mat Determinatioun an ouni ideologesch Scheiklappe muss ugoen, fir d'Saach einfach am Fong ze analyséieren.

En anere Punkt, deen och an deem berühmte Rapport vum Fonds monétaire international ervirgehuwe gëtt, an deen de Staatsminister ugeschwat huet, as dee vun der Ofsécherung vun onsem ganze Pensiounswiesen, souwuel deem private wéi deem öffentliche. Wann ee weess, dass d'Ofsécherung de Moment opgebaut as op e permanente Wuesstum vum Aarbechtsmaart, da stin eis öffentliche Finanzen net grad esou roseg do, wéi een dat op den éischte Bléck kënnit mengen. Hei sin Engagementer geholl gin, wou de Stat et sech schëlleg as, derzou ze stoen an esou schnell an esou klor wéi méiglech Moossnamen ze huelen, fir séng Engagementer ofzesécheren.

All des kruzial Froen, déi an den Debatte vun alle Säiten opgeworf gi sin – déi vun der sozialer Ofsécherung, déi vun der Kompetitivitéit vun onse Betriber, déi vum Enseignement, déi vun der Landesplanung, déi vun der Verwaltungsreform – verlaangen eng kohärent Äntwert, well si sin alleguer enk matenee verbonnen.

De Staatsminister huet vun enger Rei positive Punkte geschwat, déi de Standuert Lëtzebuerg géinge charakteriséieren.

Ech wëll nach ee Punkt derbäifügen.

Mir sin eis all bewosst, datt an engem Europa, wou d'Spillregele forcément – a mir halen et net op – ëmmer méi harmoniséiert an ugeglaach gi sin a gin, ee vun dene ganz wichtege Pluspunkten, déi e modernen an effikasse Stat ka bidden, d'Flexibilitéit, d'Rapiditéit an de Seriö as, mat denen een op d'Froen an d'Problemer kann äntweren, déi un d'Verwaltung, un de Stat erugedroë gin. Dat kann een awer nëmmen erreechen, wann een eng motivéiert, kompetent Fonctioun publique huet.

Ech wëll ze bedenke gin, nëmme wa mer déi aner Problemer, déi ech virdrun ugeschnidden hun an déi jidferree jo als Problemer erkannt huet, zesumme versichen unzegoen, da kënne mer Léisunge fannen, déi eng dauerhaft Léisung bréngen. Dat kënne mer awer nëmmen am Dialog maachen. Jo, ech gliewen un den Dialog, an ech schwätzen aus Erfahrung, well mer eben a laange Joren dat och um Gemengeplang esou gemaacht hun. Um Gemengeplang muss ganz oft vill méi direkt an am Dialog geschafft gin, well een eben op déi aldeegelech Problemer vun de Leit schnell muss äntweren.

Ech gin einfach d'Impressioun net lass, datt d'Aarbecht, déi an de Gemenge geleescht gëtt, aldeegelech gemaacht gëtt, net richtig an ongenügend ageschätzt gëtt vun den nationalpoliteschen Responsabelen.

Mir hun dat elo nees gesi bei där Manéier, wéi proposéiert gin as, fir d'Gewerbekapitalsteuer ofzeschaffen. Ech soen et direkt am Viraus, wirtschaftspolitesch si mer mat der Ofschafung vun der Gewerbekapitalsteuer averstanen. Mir sin och averstanen, datt d'Gemenge proportionell an équilibréiert mathëllefen deen Effort ze droen, awer d'Manéier, wéi dat gemaacht gin as, déi léisst munches ze wënschen iwwreg.

Déi zwou grouss Zeitungen aus dësem Land hun dat jo allenzwou op hir Aart a Weis duergeluegt. Ech zitieren ech fir d'éischt d'«tageblatt»: «Ohne Vorwarnung und Rücksprache wird das ohnehin mehr als enge Finanzkorsert der Gemeinden weiter zugeschnürt. Über mögliche Kompensationen soll im nachhinein am 20. Mai diskutiert werden. Der feine Stil ist das gerade nicht.»

An nach méi klor stong et am «Luxemburger Wort», ënnerschriwwen vum François Biltgen: «Es wirkt schon befremdend, wenn ein Dritter, der Staat, auf Kosten der Gemeinden Steuergeschenke verspricht, das Lob einheimst und die Gemeinden vor einem Berg Fragen stehen.»

Dat sin zwou Appréciatiounen, déi mer an dene leschten Deg konnten an Zeitunge liesen, déi dëser Regierung ganz no stin.

Ee Wuert elo zu dem équilibréierten Effort.

Neen, den Effort, deen an dësem Moment vun de Gemenge verlaangt gëtt, as net équilibréiert. D'Gemengen hun en Ausfall vun 2,7 Milliarden. D'Gemengen alleguer hun zesummen e Budget an der Héicht vun 38,5 Milliarden. 2,7 vun 38,5 Milliarde si grosso modo 7%. Dat as also elo, viru Kompensatiounen wuelverstanen, den Effort, deen de Gemengen zougemutt gëtt!

Wat as den Effort vum Stat? De Stat huet e selwer chifféiert am Jor 1997 op 3 Milliarden. Vun denen 3 Milliarde mussen mer jo awer déi Honnerte Milliounen ofzéien, déi de Stat méi erakritt duerch d'Besteuerung vun deem, wat vun de Betriber elo net méi bezuelt gëtt als Kapitalgewerbesteier, a wat also forcément bei de Bénéfiss bäikënnit. Dat sin – ech hun et net genau ausgerechent, mä ech schätzen – grosso modo zwësche 700 an 800 Milliounen. 3 Milliarde minus 700 bis 800 Milliounen, dat maachen 2,2 bis 2,3 Milliarden. Bei engem Budget vun 155 Milliarde mécht dat en Effort, deen de Stat mécht – ech huelen ee Jor – vun 1,5%. 1,5% komparéiert mat dene 7%, déi de Gemengen zougemutt gin, dat as bal fennefmol méi! Dat as net équilibréiert!

Dofir een Appel, datt déi Kompensatiounen vun dene geschwat gëtt, effektiv esou schnell wéi méiglech gemaacht gin.

Ech wëll och nach festhalen, datt ech dat Wuert «Kompensatiounen» net ganz gären hun. Dat Wuert «Kompensatiounen», dat beinhalt biedele goen, froë goen, ob een dann e Subsid dierf kréien oder net, dat heescht d'Gemengen erniddregen an als lästeg Unhängsel gesi vun de staatlechen Instanzen.

Dat steet am krasse Géigesaz zu deem, wat d'Regierung selwer 1994 an hir Deklaratioun geschriwwen hat. Ech zitieren aus der Regierungserklärung vum Juli 1994: «Uniquement des communes financièrement saines peuvent assurer les services toujours plus nombreux que les citoyens attendent d'elles.» Dat si richtig Wieder an ech schléisse mech deem un, wat den Här Bourg gesot huet: wéini kënnit et hei zu klären Aussoen an Taten?

Nach ee Wuert. Et huet een d'Impressioun, d'Gemenge géinge wierklech nët op déi richteg Plaz gesat gin, déi se hun. Heiansdo huet een d'Impressioun, mir géinge vun eppes profitéieren, op dat mer am Fong kee Recht hun. D'Gemengen an onsem Stat hu wahrhafteg keng Positioun, wou se géingen op eemol übermüteg oder übermächtig gin.

Wat as d'Proportioun vun onsem Budget? Ech schwätzen nët hei vun enger Gemeng. Ech schwätze vun hinnen all zesummen. De Stat huet ee Budget vun 155 Milliarden, d'Gemengen ee vun 38,5 Milliarden, dat as grosso modo 1/4 vum Staatsbudget fir all d'Gemengen zesummen.

Wann een dat mat anere Länner comparéiert, an ech zitieren nëmmen eent vun onsen Nopeschlänner, wat nët bekannt as als en terribel dezentraliséiert Land, Frankräich, do gin d'Gemenge kleng gehalen. A Frankräich hun d'Gemengen, allerdéngs zesumme mat de Regiounen, e Budget deem d'Halschent as vun deem vum Stat.

Verstitt mech nët falsch an huet et fir dat, wat et as. Hei musse mer op eng ausgewoen Diskussioun kommen. Wat as de Gemengen hir Missioun, wéi eng Kompetenzen hu se fir déi Missiounen auszufüllen a wéi eng Moyerën hu se?

Wiem ech an dëser Diskussioun den Haaptreproche maachen, dat as emol nët dem Finanzminister. Et as séng Responsabilitéit, derfir ze suergen an och dem Wirtschaftsminister séng, datt eis Beriber konkurrenzfähig bleiwen. Et as normal, datt en an deem Sënn Propositione mécht. Den Haaptreproche an déi Haaptkritik maachen ech an dëser Affär dem Innenminister. E kann nët soen, datt en déi Problemer, déi mer elo hei vu ville Bänke virbruecht kritt hun, nët kannt huet. Zënter Jore maache mer mat detailléierten, ausféierlechen Noten an Rapporten dorop opmierksam.

Ech erlabe mer jhust dat ze zitieren, wat ech op dëser Tribün virun engem Jor gesot hun an och scho virun 1 1/2 Jor am Dezember d'lescht Jor iwwer genau deem do Punkt. Mir hu gefrot, datt d'Gemenge misste klor Kompetenze kréien a Moyerën, fir hir Kompetenzen auszuféieren.

«An ech géif dervir warnen, dës Problemer duerch de parteipolitesche Brëll ze gesinn.»

Et geet drëm, sech ëm den Dossier ze këmmen, sech Zäit ze huelen, fir och am Detail versichen ze verstoen an da mat oppenem Geescht a guddem Wëllen eng Léisung ze sichen, déi de Gemengen, all de Gemengen, dene klengen awer och dene groussen, déi regional an national Verflechtungen hun, et erlaabt, hir Aufgaben zum Beschte vun hire Buerger kënnen ze erfëllen.

Dat frö mir elo mat grousser Konstanz a vun alle Bänken zënter Joren. An den Innenminister huet an deem do Kontext, an hie wouss gutt, wat dat hei fir d'Gemenge géing heeschen, de Fanger nët gehuewen.

A wa mer duerch déi heite Moosnam elo déi Diskussioun kréien an an aller Offenheet kënnen féieren, da war dat deem eenzege positive Punkt op alle Fall fir d'Gemengen, deem an dëser Saach derbäi erauskomm as.

Här Staatsminister, Dir hat Iech zum Schluss vun Ärer Deklaratioun een effizienten, een nützlechen, e generéisen, e gerechten an en zukunftsorientéierte Stat gewënscht. Ech kann Iech soen, mir och, a mir hoffen nëmme jhust, datt no dene richteg Wierder och Aktiounen kommen, déi op dës Wee féieren.

Erlaabt mir dofir als Konklusioun vun dëser Debatt an als Konklusioun vun onser Stellungnam als Demokratesch Partei

Iech ze soen, wéi mir ons déi Lëtzebuerger Gesellschaft vu muer virstellen.

Mir hun d'Visioun vun enger Lëtzebuerger Gesellschaft, déi un de Mënsch gleeft, u séng Fräiheet, u séng Verantwortung, u séng Leeschtung, eng solidaresch Gesellschaft, déi opgebaut as op Toleranz an Offenheet, eng Gesellschaft, déi weess, datt de Mënsch eleng kapabel as duerch säi Kënnen, säin Engagement, déi Problemer, déi e schaapt, och nees ze léisen, eng Gesellschaft, déi weess, datt effikass Solidaritéit Leeschtung viraussetzt.

Mir setzen op eng solidaresch Gesellschaft, eng Gesellschaft, déi nët op Näid a Gascht opgebaut as, déi weess, datt an esou enger klenger Communautéit wéi onser, deem enge säin Onglück nët deem anere säi Gléck ka bedeiten an datt nëmmen an engem oppenen Dialog dauerhaft Léisunge kënnen fond gin.

Mir glewen un eng Gesellschaft, déi fortschrëttlech as, dat heescht, eng Gesellschaft, déi de Fortschrëtt nët ëm egal wéi ee Präis ustriift, mä eng Gesellschaft, déi akzeptéiert, datt d'Welt sech permanent verännert an déi bereet as, all Aspekter vun engem Problem ze analyséieren, ier Entschedunge getraff gin.

Mir glewen dofir och un de Stat, an deem d'Décisionen nët op ideologescher Basis geholl gin, mä op rationeller Basis a wou den Intérêt vun der Saach an nët dee vun enger Partei ausschlaggebend as.

Mir bauen op de Rechtsstat, an deem all d'Buerger Rechter a Flichten hun, wou d'Recht op Sécherheet a Gerechtegkeet garantéiert as. Mir erwaarde vun engem Rechtsstat, datt en zu séngen Engagementer steet.

Mir erwaarden och vun engem Stat, datt e sénge jonke Leit eng Ausbildung erlaabt, déi jidderengem eenzelne sénge Fäegketen entsprécht an him déi bescht Méiglechketen, déi bescht Beruffschancen esou gët.

Mir hun och d'Iwwerzeugung, datt de Stat duerch ee solide juristeschen, ekonomeschen a fiskale Kader, de Betriber d'Méiglechkeet soll bidden, fir hir Aktivitéiten an engem realistesch, faire Konkurrenzkampf, bannen a bausse vum Land, kënnen ze bestoen.

Mir hun d'Visioun vun engem effikassen, effiziente Stat.

Mir hun d'Visioun vu Gemengen, déi eng echt Autonomie hun, déi klor Kompetenzen hun, verlässlech Einnamen an d'Moyen fir dës Aufgaben ze erfëllen.

Mir hu ganz einfach d'Visioun vun engem echten demokrateschen Stat, an deem d'politesch Alternance nach ka spillen, fir d'Vermuerung vun enger lieweger Demokratie duerch d'Machtballung vu groussen Parteien, groussen Gewerkschaften, groussen Zeitungen ze verhënneren.

Dir Dammen an Dir Hären, dat sin e puer vun dene Prinzipien, op déi mir ons Aktioun baséieren a jiddereen, deem mir op dem Wee begéinen, fir dës Visiounen ze verwierklechen, as ons wëllkomm a jiddereen, deem onse Stat, ons Gesellschaft op aner Weër féiert, as sech onser Kritik an onser Oppositioun gewëss.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.** – Domat wir d'Generaldiskussioun iwwer d'Lag vun der Natioun ofgeschloss. An der nächster Sitzung héiere mer d'Regierung a mir stëmmen iwwer d'Motiounen of.

Dës Sitzung fänkt de Mëttag um 14.30 Auer un.

D'Sitzung as opgehuewen.

*(Fin de la séance publique à 13.08 heures)*